05/2019

debulletin

Walen Commission scolaire nationale
Nees eng staark Equipe
déi Kéier, dofir wiel ons Véier!

Wie kann inklusive Schule Wirklichkeit werden?
Vum Bundesgrundschulkongress
2019 zu Frankfurt

Meet & Move – Membertour: Ënnerwee am ganze Land
Interview mam
Patrick Remakel

De Vivarium zu Mamer
Méi wéi nëmme Beobachten,
Ënnersichen an Experimentéieren

syndicat national des enseignants
cgfp

Fir lech,
mat lech,
zesumme
méi staark!

Die neue Schulbank

„HOHENLOHER GENIO“

Ein Genius unserer Zeit

„Genio, der Schülertisch setzt durch sein zeitgemäßes Design und seine praktische Funktionalität neue Maßstäbe in der Schuleinrichtung.
Das innovative Tischgestell in C-Form ist trotz seiner grazilen Eleganz sehr stabil und bietet größtmöglichen Fußraum für den Benutzer.
(Optionale Korbablage, Rollengleiter, höhenverstellbar)“

FREUDE AM LERNEN

Stufenlose Höhenverstellung

Stahlkorbablage

Rollengleiter

Exklusiv zu Lëtzebuerg bei Bureautique Rosy Wagner-Brauckmann

BUREAUTIQUE
ROSY WAGNER-BRAUCKMANN

27, rue de la Barrière / L-1215 Luxembourg / T. +352 44 88 08-1 / F. +352 44 88 08-99
www.wagner-brauckmann.lu / rosy@wagner-brauckmann.lu

«Tout vrai - tout faux»

... hei elei, lauschter emol um Radio :

de MENJE mécht Reklamm ...
fir Elterevertrieder ze ginn !?

... hätte se vläicht net besser dru gedoen,

dëst Geld emol an eng Campagne ...

fir den Enseignantsberuff
ze stiechen !?



Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

de bulletin 05/2019

Impressum

Rédaction:
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg/Bonnevoie
sne@education.lu

Parution:
6 fois par an
Distribution gratuite aux
membres du sne/cgfp
Prix d'un abonnement annuel: 20€ (+ frais d'envoi)

Impression:
sne éditions s.à r.l.
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

Publicité:
À envoyer à l'adresse postale.
Les tarifs sont transmis sur demande.
La reproduction d'articles, même par extraits,
n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source.
Deux exemplaires justificatifs doivent être envoyés
au sne/cgfp. Les articles signés ne reflètent pas
nécessairement l'avis du syndicat.

Photos:
Pages 5, 7 & 41 © Martine de Lagardère
Cover, Vivarium & photo en pied de page 16
© Luc Deflorenne

syndicat national des enseignants cgfp

MONOGRAM.LU

Sommaire

debulletin
5/2019

04 Editorial vum Patrick Remakel: Déi wichtegst Messagen zur Schoulrentrée bei der Ouverture vun der LuxDidac 2019

11 Walen 2019 CSN Commission scolaire nationale

12 Eis Kandidaten: Gilles Glesener, Jang Kasel, Patrick Remakel, Vanessa Schetgen

14 „Meet & Move“ - Membertour: Ënnerwee am ganze Land! Interview mam Patrick Remakel

20 Renouvellement de l'Assemblée des délégués

32 Laurent Berck: „Wie kann inklusive Schule Wirklichkeit werden?“

34 Buchtipp vum Vanessa Schetgen: „Gezielte Förderung bei Lese- und Rechtschreibstörungen“ vum Andreas Mayer

36 Gast Weydert: De Vivarium an der Mamer Grondschoul

40 Roby Zenner: „Arbeit im Wandel“, e Virtrag vum Michael Vetter am Kader vun der LuxDidac 2019

52 Gitt Member

Éditorial

Déi wichtegst Messagen zur Schoulrentrée bei der Ouverture vun der LuxDidac 2019

Dem sne/cgfp seng Aufgab besteet doranner, d'Rechter an d'Meenunge vu senge Memberen ze representéieren an ze verdeedegen.

An dësem Sënn erwaart sech den sne/cgfp och an dësem Schouljoer eng konstruktiv Zesummenaarbecht mat dem Educatiounsminister, well onst gemeinsamt Zil jo schliisslech d'Bildung vun all de Kanner ass!

Un de Revendicatioune vum sne/cgfp huet sech op jidde Fall näischt wärend der Summervakanz geännert.

Den sne/cgfp fuerdert vun der Regierung, dass d'Verbesserung vum lëtzebuergesche Bildungssystem och an Zukunft am Virdergrond steet.

Den sne/cgfp erwaart dowéinst, dass den Educatiounsminister weiderhin oppen a kloer Gespréicher mat onser Gewerkschaft féiert, an dass och op ons Meenungen, Virschléi a Fuerderunge gelauschtert gëtt.

Ons Schoul brauch virun allem Rou!

Ons Schoul brauch an deenen nächste Jore virun allem Rou fir all déi sëllech Reformen, déi am Laf vun de leschte Joren «en place» gesat goufen, wierken ze loossen.
Den sne/cgfp kann nëmmen hoffen, dass den Här Minister sech och an Zukunft dorunner erënnere wäert.
An de leschte Jore sinn enorm vill, wann net esouguer ze vill, Reformen am «Enseignement fondamental» duerchgeboxt ginn.
Villes ass einfach iwwerstierzt agefouert ginn, ouni dass d'Reforme bis an de leschten Detail duerchduecht waren.
Den Däiwel stécht jo bekanntlech am Detail, an deen Detail besteet haaptsächlech an der Ëmsetzung vun den theoretesche Reformen.
Déi Reformen, déi um Terrain fonctionnéieren, musse selbstverständlech esou weiderlafen.
Anerer awer, déi keng «Plus-value» um Terrain bréngen oder esouguer kontraproduktiv sinn, mussen dréngend nogebessert ginn.

Pressekonferenz vun der Rentrée scolaire op der LuxDidac

Vertrauen an den Enseignantsberuff an an den Enseignant!

Jo, d'Vertrauen an den Enseignantsberuff an an den Enseignant ass dat, wat jiddwereen um Terrain brauch, fir seng Aarbecht gutt an efficace ze verriichten.
All Schoulmeeschter, deen Dag an Dag aus mat de Kanner um Terrain schafft an dem Minister seng Reformen ëmsetze muss, huet dat Vertrauen och verdéngt.
Fir sech kënnen der Erausfuerderung vun der Schoul vu muer ze stellen, muss d'Léierpersonal dat Vertraue spieren.
A Vertraue schaaft een net duerch Aféiere vun enger Hällewull vu Formulairen, «Notes de service» an administrative Prozeduren.
D'Politik, an awer och d'Gesellschaft, mussen erëm vollt Vertrauen an den Enseignant kréien a seng Aarbecht muss erëm unerkannt ginn.
D'Enseignanten um Terrain brauchen a verdénge méi Ënnerstëtzung, Wäertschätzung a Réckendeckung.
Nëmmen esou kann de Beruff vum Enseignant op laang Siicht erëm opgewäert ginn.

Den Däiwel stécht jo bekanntlech am Detail, an deen Detail besteet haaptsächlech an der Ëmsetzung vun den theoretesche Reformen.

Déi Reformen, déi um Terrain fonctionnéieren, musse selbstverständlech esou weiderlafen. Anerer awer, déi keng «Plus-value» um Terrain bréngen oder esouguer kontraproduktiv sinn, mussen dréngend nogebessert ginn.

Videoe mat de Riede vun der Eröffnung vun der LuxDidac 2019 fannt dir op eisem Site www.sne.lu

Eng Reform vum „Conseil supérieur de l'éducation nationale"!

De Bildungsdësch schéngt jo en Dada vum Minister ze sinn.
Vu dass am éischte Projet vun dësem Bildungsdësch d'Representante vun den Enseignantë komplett vergiess gi waren, huet dëse Projet nach ëmmer e batteren Nogeschmaach fir den sne/cgfp
Dës Weidere si mir als sne/cgfp nach ëmmer der Meenung, dass et mam «Conseil supérieur de l'éducation» schonn esou e Gremium gëtt. Dëse Gremium misst just liicht reforméiert ginn, a virun allem och revaloriséiert ginn, a schonn hätte mir dem Minister säi Bildungsdësch. Einfach erkläert, Bildungsdësch ass déi lëtzebuergesch Iwwersetzung vum «Conseil supérieur de l'éducation nationale». Firwat et komplizéiert maachen, wann et einfach geet?

Grondsätzlech ass den sne/cgfp awer der Meenung, dass et am Educatiounsminister senger Verantwortung ass, d'Bildungspolitik ze gestalten, an dat am beschten am Zesummespill mat de representative Gewerkschaften.
Onvirstellbar a komplett inakzeptabel ass et fir den sne/cgfp, wann elo d'Schüler an d'Eltere géife mat decidéiere, wéi d'Grondausbildung vu Léierin a Schoulmeeschter soll sinn oder wéi de Rekrutement vum Léierpersonal an Zukunft soll ausgesinn.

D'Formatioun vum Enseignant muss iwwerduecht ginn!

Fakt ass, dass momentan de Studium an domat de Rekrutement fir de Beruff vu Léierin a Schoulmeeschter zu engem groussen Deel am Ausland gemaach gëtt.
Et ass eng Fro, ob dat nach weiderhin de Fall ka sinn, well d'Belsch eng grondleeënd Reform vun der Schoulmeeschteschausbildung decidéiert huet.
Do stelle dech eng Partie Froe fir d'Ausbildung vu Lëtzebuerger Enseignanten.
D'UNI.lu misst dofir d'Capacitéite vum Bachelor-Studiëgank erweidere fir ze garantéieren, dass méi Leit an de Schoulmeeschteschberuff kënne kommen.
An deem Zesummenhang däerf een d'Fro stellen, ob d'«Épreuves d'admission», wéi se am Moment ugewannt ginn, nach ëmmer hir Berechtegung hunn.

Et geet awer net nëmmen duer, d'Zuel vun de Studenten an den Erzéiungswëssenschafte mordicus erhéijen ze wëllen, mee och d'Inhalter an d'Philosophie vun der kompletter Schoulmeeschteschausbildung musse grondsätzlech iwwerduecht ginn.

D'Ausbildung muss nees méi realitéitsno ginn!

D'Ausbildung muss nees méi realitéitsno ginn. D'Studente musse vun Ufank un an hirer jeeweileger Stageklass wärend dem «Temps de terrain» mat essentiellen Theme wéi Elterenaarbecht, administrativen Tâchen, Heterogenitéit a Konfrontatioun mat Gewalt vertraut gemaach ginn.
Bei der Ausbildung soll och, niewent der Vermëttlung vun theoretesche Konzepter, d'Vermëttlung vun didakteschem Wëssen a Kënne prioritär sinn. D'Didaktik ass grad deen Deel vun der Schoulmeeschteschausbildung, deen an de leschte Jore gravéierend vernoléissegt gouf. Am Enseignantsberuff geet et net duer, en theoretesche Begrëff vun der Sproochentwécklung ze hunn, mee ganz konkret geet et och drëm, wéi ee wéi eng Inhalter mat wéi enge pädagogesch-didaktesche Moyenen de Schüler ka méi no bréngen. Net ze schwätze vu Fachberäicher wéi Sport, Konscht oder Musek, wou eng Fachdidaktik an der Ausbildung mëttlerweil quasi inexistent ass.
Dëst Wësse spillt jo an der Praxis eng enorm wichteg Roll.
Sektioune respektiv Fächer vun der «Voie de préparation» vum «Enseignement secondaire général » (ESG), déi bis elo an der Ausbildung feelen, mussen onbedéngt mat an d'Ausbildung era geholl ginn.

Eng Schoulmeeschtesch-ausbildung op Masterniveau!

Grondsätzlech fuerdert den sne/cgfp, d'initial Schoulmeeschteschausbildung op Masterniveau anzeféieren, esou wéi dat an onsen europäeschen Nopeschlänner de Fall ass. D'Ufuerderungen un d'Léierpersonal ginn nämlech ëmmer méi grouss a méi komplex an dofir ass e Rekrutement op Masterniveau absolut noutwendeg. Esou kéint ee sech zum Beispill virstellen, dass de Student fir d'éischt e Bachelorstudium an der Pädagogik an an de «Sciences de l'éducation» ofschléisst, éier en dann eng Spezialisatioun op Masterniveau maache

Patrick Remakel, President sne/cgfp

Grondsätzlech ass den sne/cgfp der Meenung, dass et am Educatiounsminister senger Verantwortung ass, d'Bildungspolitik ze gestalten, an dat am beschten am Zesummespill mat de representative Gewerkschaften.

Vanessa Schetgen, Member vum Comité central sne/cgfp

Ouverture vun der LuxDidac 2019

muss. Eng Spezialisatioun a Fächer wéi Franséisch, Däitsch, Mathematik, Sciences, … - dat natierlech nieft deene proposéierte Coursen a Sonderpädagogik, Gestioun vun de Schoulen an Digitalisatioun, géif dann zu deem noutwendege Masterdiplom fir d'Léierin an de Schoulmeeschter féieren.
Den ëmgedréinte Wee wär awer och virstellbar. An deem Fall géif ee fachspezifesche Bachelor engem Master an der Pädagogik virausgoen, esou wéi dat och an onsen zwee gréissten Nopeschlänner de Fall ass.
Fir d'éischt de Generalist, an duerno eng Spezialisatioun, oder fir d'éischt eng Spezialisatioun, an duerno de Generalist. Dat sinn also fir den sne/cgfp déi 2 Optiounen. Op alle Fall ass et kloer fir den sne/cgfp, dass mir net wëlle vum Generalist am Fondamental ewechkommen.
Duerch eng generell Ausbildung op Masterniveau géif de Beruff op jidde Fall revaloriséiert ginn an d'Studente wären och besser op déi aktuell an zukünfteg Defie virbereet.
En allgemengt Rekrutéiere vum Schoulmeeschter op Masterniveau, esou wéi dat a bal allen europäesche Länner elo schonn de Fall ass, ass op jidde Fall eng vun den Haaptfuerderunge vum sne/cgfp.
A ville Beräicher, wéi am «Space-Mining», an der Digitalisatioun an an der Logistik, wëllt Lëtzebuerg «à la pointe du progrès» sinn, mee an der Schoulmeeschteschausbildung erlabe mir ons, deenen anere Länner hannendrun ze lafen. Dat ka jo net den Usproch vu Lëtzebuerg a Saache Bildung sinn!
Zefridde weist den sne/cgfp sech, dass endlech am Dossier Stage op d'Leit vum Terrain gelauschtert ginn ass an dass de «Stage d'insertion professionnelle» adaptéiert gouf. Endlech sinn d'Viraussetzunge geschafen, fir dass de Stage eng «Plus-value» fir de Beruffsufänger kéint ginn.

Vill oppe Froen zum „Kodéieren" an der Grondschoul,…

Iwwerrascht huet de Minister ons bei der Rentrée, wéi en ugekënnegt huet, dass d'«Kodéieren» an der Grondschoul agefouert soll ginn.
Do stelle sech fir den sne/cgfp awer eng ganz Rei praktesch Froen: Soll d'Kodéieren e Schoulfach ginn? Wa jo, op Käschte vu wat? Oder soll d'Kodéiere an déi aktuell Fächer integréiert ginn ? Ass dat da bei den aktuelle Programmer, déi scho gutt gefëllt sinn, iwwerhaapt méiglech? Muss an deem Fall all Enseignant eng «Formation continue» maache fir Spezialist am Kodéieren ze ginn? Wëllt de Ministère dat wierklech all Enseignant zoumudden? Gëtt dat Fach «Kodéieren», genau esou wéi d'Fach «Vieso», elo en integrale Bestanddeel vun der Grondausbildung vum Schoulmeeschter? Ass garantéiert, dass all Schoulen iwwert déi noutwendeg informatesch Infrastruktur verfüge fir d'Kodéieren ze realiséieren?

Instituteurs spécialisés en compétences numériques (I-CN) fir op den Terrain!

D'«Instituteurs spécialisés en compétences numériques» ginn Hand an Hand mam Aféiere vum Kodéieren an de Grondschoulen.
Wéi den Numm et scho seet, sinn «Instituteurs spécialisés» och Léierinnen a Schoulmeeschteren an, «à la base», soll eng Léierin an e Schoulmeeschter och mat Kanner schaffen.
Dëse Prinzip misst den Ausgangspunkt vu politeschen Decisioune sinn.
Mir kënnen d'Noutwendegkeet vun engem «Instituteur spécialisé en compétences numériques» novollzéien, mee seng Plaz muss um Terrain an de Schoule bei de Kanner sinn.
Dofir fuerdert den sne/cgfp, dass dës «Instituteurs spécialisés» och eng «Tâche d'enseignement direct» vun 23 Stonne mat Kanner hunn, ouni dass si an de Contingent mat agerechent ginn.
Et gëtt scho genuch kontestéiert, dass ëmmer méi Léierinnen a Schoulmeeschteren eng administrativ Tâche hunn oder net méi am Kontakt mat de Kanner an onse Schoule schaffen, dofir sollte mir dee Feeler bei den I-CNen net maachen.

Schoulmeeschteschberuff nees attraktiv maachen!

Ech wollt awer och nach e puer Wierder zu deem neien Ausbildungswee, also de sougenannte Quereinsteiger soen:
Fakt ass, dass mir am Moment net genuch nei Léierinnen oder Schoulmeeschtere rekrutéiere kënne fir déi vakant Plazen ze besetzen.
Kuerzfristeg huet also eng Solutioun misse gesicht ginn. Déi fräi Plaze goufen duerch Leit mat engem Bachelorstudium a Relatioun mat engem Schoulfach besat.
Eng Solutioun, där sech den sne/cgfp net opposéiert huet.
Et ass nämlech e Fakt, dass mir am Moment an an noer Zukunft Quersteinsteiger brauchen.
Fir den sne/cgfp war an ass et awer wichteg, dass d'Studente mat engem Bachelordiplom an de «Sciences de l'éducation» ëmmer eng absolut Prioritéit fir de Concours behalen.
Nëmmen an deene Situatiounen, wou sech net genuch diploméiert Schoulmeeschtere mellen, däerf op déi sougenannte «Quereinsteiger» zréckgegraff ginn.
Dofir musse Mesuren ergraff ginn, fir de Schoulmeeschteschberuff nees méi attraktiv ze maachen.
Et muss nees méiglech ginn, vill méi jonk Leit ze motivéieren sech fir dësen dach ganz schéinen Job z'entscheeden.
An deem Sënn war d'Iwwerschaffe vun der Philosophie vum Stage mat Sécherheet eng absolutt Noutwendegkeet.

Den administrativen Opwand muss reduzéiert ginn!

Eng aner grouss Problematik firwat an den Ae vum sne/cgfp sech ëmmer manner jonk Léit fir de Schoulmeeschteschberuff intresséieren ass deen administrativen Opwand, deen ëmmer méi grouss gëtt.
Et ass e Fakt, dass de Bildungsoptrag ënnert dem enormen administrativen Opwand leit. An der Klasse gëtt Schoulhalen ëmmer manner wichteg, wat de facto eng riseg Katastroph ass.
Domadder muss endlech Schluss sinn.
D'Politik muss esou séier wéi méiglech decidéieren, dass d'Schoulhalen nees déi primär Missioun vum Schoulmeeschter gëtt. Wann dat nees de Fall wär, géifen an den Ae vum sne/cgfp, nees vill méi jonk Leit wëlle Schoulmeeschter ginn.
An där Hisiicht begréisst den sne/cgfp et, dass de Minister annoncéiert huet, den administrativen Opwand mat de Concernéierten z'analyséieren. Ouni elo de Conclusioune wëlle virzegräifen, muss et awer definitiv zu enger Reduktioun vum administrativen Opwand kommen. Domadder kéinte mir ganz sécher onse Beruff nees e bësse méi attraktiv maachen.
Iwwerdeems kann den sne/cgfp et nëmme begréissen,

Fir den sne/cgfp war an ass et awer wichteg, dass d'Studente mat engem Bachelordiplom an de «Sciences de l'éducation» ëmmer eng absolut Prioritéit fir de Concours behalen.

Nëmmen an deene Situatiounen, wou sech net genuch diploméiert Schoulmeeschtere mellen, däerf op déi sougenannte «Quereinsteiger» zréckgegraff ginn.

Dofir musse Mesuren ergraff ginn, fir de Schoulmeeschteschberuff nees méi attraktiv ze maachen.

Et muss nees méiglech ginn, vill méi jonk Leit ze motivéieren sech fir dësen dach ganz schéinen Job z'entscheeden

dass him elo endlech nogelauschtert ginn ass wat d'«Prise en charge» vun de Kanner mat spezifesche Besoinen ubelaangt. Et soll nämlech elo méiglech sinn, dass Kanner, déi Hëllef vun der «Équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques» (ESEB) brauchen, déi méi séier solle kréien, an dat ouni, dass muss gewaart gi bis den Dossier an der «Commission d'Inclusion» (CI) diskutéiert an analyséiert ginn ass.

Inklusioun brauch Extraressourcen!

Een anere Problem mat deem ganz vill Enseignanten all Dag confrontéiert sinn, ass d'Inklusioun vu Kanner mat Léierschwieregkeeten a vu Kanner mat Verhalensstéierungen.
A bal alle Klassen hu mir esou Kanner, an dat nieft de Kanner, déi de normale Programm kënne suivéieren an de Kanner, déi de Programm och méi séier kéinte maachen, an och wéilte gefuerdert ginn.
D'Klasse ginn also ëmmer méi heterogen an et gëtt ëmmer méi schwéier, jo esouguer bal onméiglech, dass den Titulaire, mat den aktuelle Ressourcen, all senge Kanner gerecht ka ginn.
Eng Rei Enseignanten hunn, och aus dësem Grond, decidéiert déi lescht Joren net méi «Titulaire de classe» ze sinn, mee d'Charge als «Surnuméraire» z'iwwerhuelen.
Dëst ass awer ganz kloer de falschen Trend, an d'Politik muss dofir déi néideg Entscheedungen treffe fir deem Trend vun der Klasseflucht entgéint ze wierken.

Fir d'éischt emol well ech nach emol rappeléieren, dass den sne/cgfp net grondsätzlech géint d'Inklusioun ass, mee dass d'Inklusioun Extraressource brauch an dass d'Inklusioun trotzdeem Limitten huet.
Wichteg ass et och, déi zwou Kategorie vu Kanner, déi eng mat Léierschwieregkeeten an déi aner mat Verhalensstéierungen, net mateneen ze vermëschen an dës Problematike ganz kloer vuneneen ze trennen.
Komme mir zu de Kanner mat Léierschwieregkeeten. Wann ee sech esou an de Schoulen ëmfreet, da stellt ee fest, dass d'Zuel vun dëse Kanner konstant méi héich gëtt.

Eng besser Zesummenaarbecht mat de «Centres de compétence»!

Léierschwieregkeete musse vill méi séier detektéiert an déi néideg Mesuren ergraff ginn.
Den sne/cgfp kann et dofir nëmme begréissen, dass d'Zuel vun de Leit an den ESEBen no uewen ugepasst soll ginn an dass d'«Prise en charge» vun dëse Kanner duerch d'ESEB - wéi scho gesot- méi zäitno geschéie soll.
Iwwerdeems mussen nach méi I-EBSen agestallt ginn an d'Zesummenaarbecht mat dem concernéierte «Centre de compétence» muss verbessert ginn.
Nëmmen esou kënne mir de Kanner mat Léierschwieregkeete gerecht ginn an hinnen déi néideg Rumm bidde fir si optimal z'encadréieren.
Wat verhalensopfälleg Kanner ubelaangt, esou mussen an den Ae vum sne/cgfp schoulintern Strukture mat Infirmieren, «Assistants sociaux», «Educateurs gradués» geschafe ginn.

Eng „Task Force" fir all Schoul!

Dës «Task Force» kéint dann direkt intervenéieren, wann et an enger Klass «brennt» fir dass den «normalen» Unterrecht net gestéiert gëtt.
A wann dës schoulintern Strukturen net méi wierken, da mussen dës Kanner vu schoulexterne Strukturen opgefaangen a betreit ginn. Dës Strukture sollen dann temporär d'«Prise en charge» vun de concernéierte Kanner assuréieren, hinnen eng Therapie bidden an hinnen déi néideg Ressourcen a Kompetenze mat op de Wee gi fir dass si nees un engem inklusiven Unterrecht kënnen deelhuelen.

Patrick Remakel,
President sne/cgfp

Walen

Commission scolaire nationale

D'Commission scolaire nationale ass déi eenzeg Plattform um nationalen Niveau fir déi verschidde Schoulpartner vum Enseignement fondamental: den Educatiounsministère, d'Léierpersonal aus der Grondschoul an d'Elterevertrieder.

Well dës Kommissioun hiren Avis zu all de wichtegen Themen, déi d'Grondschoul betreffen, gëtt, ass et wichteg, datt d'Vertrieder vum Léierpersonal d'Interête vun den Enseignante virbréngen a verdeedegen.

All deng Stëmmen,
fir de sne/cgfp nëmmen!

sne syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech,
mat lech,
zesumme
méi staark!

Walen 2019

de bulletin 05/2019

Gilles Glesener
Instituteur EF depuis 1986
à Mamer – Cycle 3
Membre élu de la Commission scolaire nationale
Membre du Comité d'école de Mamer
Secrétaire du sne/cgfp

Jang Kasel
Instituteur EF depuis 1987
à Ettelbruck – Cycle 4
Membre élu de la Commission scolaire nationale
Président du Comité d'école d'Ettelbruck
Secrétaire du sne/cgfp

Patrick Remakel
Instituteur EF depuis 1997
à Hesperange – Cours d'accueil
Membre élu de la Commission scolaire nationale
Président du Comité d'école de Hesperange
Président du sne/cgfp

Vanessa Schetgen
Institutrice EF depuis 2005
à Hesperange – Cycle 1
Membre Commission nationale de l'Ecole fondamentale (CNEF)
Membre du Comité central sne/cgfp
Permance syndicale

Nees eng staark Equipe déi Kéier, dofir wiel ons Véier!

Comment voter?

- Tu disposes de **4 voix**
- Tu votes en **noircissant** le cercle de la case en tête de la liste sne/cgfp ainsi tu attribues une voix à chaque candidat
- **Ou bien** tu attribues un ou deux suffrages aux candidats sne/cgfp, **jusqu'à concurrence de 4!**

Le bulletin de vote à remplir vous parviendra par les soins du Ministère.

Gilles Glesener | Jang Kasel | Patrick Remakel | Vanessa Schetgen

Procédure de renvoi

- Tu places le bulletin de vote, plié en quatre, l'estampille à l'extérieur, dans la première enveloppe que tu fermes
- Tu glisses celle-ci dans la seconde portant l'adresse du président du bureau électoral
- Tu indiques lisiblement, à la place réservée à cet effet de cette seconde enveloppe, tes nom et prénom, le lieu de ta résidence et tu y apposes ta signature (l'anonymat de vote reste garanti)
- Tu fermes l'enveloppe et tu la remets à la poste, dans un délai suffisant pour qu'elle puisse parvenir à la présidente du bureau électoral dans le délai fixé

Dernier délai de renvoi
Samedi, le 30 novembre 2019,
car la clôture se fera
mercredi, le 4 décembre 2019

Attention !

Les mandats sont attribués d'après le système proportionnel, donc:

- aucune abstention
- épuise intégralement tous les suffrages dont tu disposes
- pas de suffrage sur la liste concurrente

sne/cgfp: le syndicat majoritaire et représentatif!

Ënnerwee am ganze Land!

Meet & Move sne/cgfp Membertour

Interview mam Patrick Remakel

Firwat huet den sne/cgfp e “Meet & Move” Membertour duerch d’ganz Land organiséiert?

Den Titel seet am Fong schonn alles. Mir wëlle wärend deene 4 Wochen, wou dës Tour leeft, de Kontakt mat eise Membere sichen. D’Zil vun dem “Meet & Move”- Membertour ass ganz konkret fir d’Léierinnen a d’Schoulmeeschter ze sensibiliséieren, sech aktiv beim sne/cgfp z’engagéieren. Insbesonnesch kënne si dat maachen andeem si Member an der Assemblée des Délégués ginn. D’Assemblée des Délégués ass dat representatiivt Organ vun alle Memberen aus eisem Syndikat. Hei gi wichteg Froe vum Schoulliewen a vun der Schoulpolitik diskutéiert. D’Assemblée gëtt all 4 Joer nei zesummegesat. An dëst Joer ass et nees esouwäit, seng Kandidatur ze stellen.

Wéivill Zäit hëlt d’Assemblée des délégués an Usproch?

Hei kann jiddereen entscheeden, wéivill Zäit hie wëll investéieren. 3 Mol am Joer si Reuniounen, wou iwwert déi grouss Themen diskutéiert gëtt, déi an der Schoul uleien. Mee doriwwer eraus kann een och a verschiddenen thematesche Aarbechtsgruppe matschaffen.

Mir maache Statioun viru 24 Schoulgebaier am ganze Land

D'Zil vun dem "Meet & Move"-Membertour ass ganz konkret fir d'Léierinnen a d'Schoulmeeschter ze sensibiliséieren, sech aktiv beim sne/cgfp z'engagéieren.

Insbesonnesch kënne si dat maachen andeem si Member an der Assemblée des Délégués ginn.

A wéi eng sinn dat?

All Member kann sech dat Thema eraussichen, wat hien interesséiert a wou hien sech wëll engagéieren. D'Leit kënnen an dësen Aarbechtsgruppen e wäertvollen Input ginn, aktiv un der Verbesserung vum Schoulsystem matschaffen, mat d'Positioune vun der Gewerkschaft ausschaffen, ….

D'Theme vun den Aarbechtsgruppe si ganz verschidden. Si ginn vun der eigentlecher Gewerkschaftsaarbecht, iwwert d'Organisatioun vun der LuxDidac, bis hin zu thematesche Workshops, wéi zum Beispill der Attraktivitéit vum Beruff, der Grondausbildung vum Schoulmeeschter,…

Wat muss ee maachen fir Member vun der Assemblée des délégués ze ginn?

Fir d'éischt muss een natierlech Member beim sne/cgfp sinn. Bis den 20. November kann een da seng Kandidatur fir d'Assemblée des délégués stellen. An dëser Editioun vum Bulletin fannt dir och e "Formulaire de candidature" fir un eis zréckzeschécken.

Dir kënnt iech awer och mat enger Email op d'Adress sne@education.lu umellen.

Firwat ass et wichteg, sech beim sne/cgfp z'engagéieren?

Et kann ee seng Iddien a Virstellungen zur Schoul, zum Beruff an zur Bildungspolitik aktiv matabréngen. Hei kann ee konkret eng Hand matupaken fir Mëssstänn, déi engem um Häerz leien, ze behiewen. Problemer um Terrain kann een besser am Kader vun der Gewerkschaft ugoen, wéi eleng. Zesummen ass een ëmmer méi staark. Verbesserungsvirschléi a Revendicatiounen fannen éischter Gehéier, wa si vun der representativer Gewerkschaft kommen.

Wann Dir Minister wäert, wat géift Dir änneren?

Jang Kasel, Vanessa Schetgen, Nicolas Thill, Christian Kohnen

Op e Patt an e Gepréich am oder virum Bus

Kann ech och eng Léier kucken?

De “Meet & Move” -
Tourbus ass natierlech eng
Attraktioun fir d’Schoulkanner

Jang Kasel, Olivier Bechet,
Patrick Remakel

syndicat national des enseignants cgfp

Du wëlls eppes an der Schoul beweegen?

Meet & Move sne/cgfp Membertour

Gëff aktiv.
Schwätz mat.
Gëff Member an der Assemblée des Délégués vum sne/cgfp.

7.10-8.11

Méindes, 7.10

12 Auer
Mamer
Ecole fondamentale
„Kinneksbond“
42, route d’Arlon
L-8210 Mamer

16 Auer
Bartreng
Ecole de Bertange
2, beim Schlass
L-8058 Bertrange
Parking: Centre Atert

Mëttwoch, 9.10

12 Auer
lechternach
Millermoaler Schull
Eechternoach
Place Isidore Comes
L-6443 Echternach

16 Auer
Nidderaanwen
Centre scolaire „Am Sand“
Am Sand
L-6999 Oberanven

Freides, 11.10

12 Auer
Suessem
Ecole Scheierhaff
3, rue Scheuerhof
L-4492 Soleuvre

16 Auer
Déifferdeng
Ecole fondamentale
Differdange-Centre
Rue Emile Mark
L-4620 Differdange

Méindes, 14.10

12 Auer
Schëffleng
Ecole fondamentale
„Albert Wingert“
18, rue Michel Rodange
L-3875 Schifflange

16 Auer
Esch-Uelzecht
Ecole du Brill
55, rue du Brill
L-4042 Esch-sur-Alzette

Mëttwoch, 16.10

12 Auer
Reiler
Centre scolaire Reuler
Maison 84
L-9768 Reuler

16 Auer
Wëntger
Ecole fondamentale
„Schoul Um Kiemel Wëntger“
Haaptstrooss 21
L-9780 Wincrange

Freides, 18.10

12 Auer
Housen
Centre scolaire
„Parc Housen“
5, Parc
L-9836 Hosingen

16 Auer
Colmar-Bierg
Centre scolaire
Grand-Duc Henri
Rue de l’Ecole
L-7730 Colmar-Berg

Méindes, 21.10

12 Auer
Ettelbréck
Schoul Ettelbréck
Place Marie-Thérèse
L-9064 Ettelbruck

16 Auer
Veianen
Veiner Schull
Parking: Centre culturel/sportif „Larei“
Rue Charles M. Andre
L-9425 Vianden

Mëttwoch, 23.10

12 Auer
Lampertsbierg
Ecole fondamentale
Limpertsberg
1, rue Batty Weber
L-2716 Luxembourg

16 Auer
Houwald
Ecole de Howald
20, avenue Grand-Duc Jean
L-1842 Howald

Freides, 25.10

12 Auer
Beetebuerg
Reebouschoul
43, rue Marie-Thérèse
L-3257 Bettembourg

16 Auer
Miersch
Ecole fondamentale de la commune de Mersch
Parking: „Schlasspesch“
beim Futtballterrain

Méindes, 4.11

12 Auer
Walfer
Ecole de Helmsange
12, rue des Pommiers
L-7258 Helmsange

16. Auer
Réiden
Schoul Réiden
1, Allée des Tilleuls
L-8508 Redange/Attert

Mëttwoch, 6.11

12 Auer
Munnerëf
Complexe scolaire
Grande-Duchesse
Maria Teresa
Avenue des Villes Jumelées
L-5612 Mondorf-les-Bains

16 Auer
Käerjeng
Ecole Op Acker
83-A, avenue de
Luxembourg
L-4990 Bascharage

Freides, 8.11

12 Auer
Monnerech
Ecole de Mondercange
16, rue A. Thinnes
L-3901 Mondercange

16 Auer
Fréiseng
Ecole centrale de la
Commune de Frisange
10, Munnereferstrooss
L-5750 Frisange

Fir lech,
mat lech,
zesumme
méi staark!

www.sne.lu

Renouvellement de l'Assemblée des Délégués nationaux du sne/cgfp

Élections: Appel de candidatures

Les statuts du sne-cgfp stipulent que chaque membre peut être élu membre-délégué du syndicat.

Le 31 décembre 2019 expire le mandat des membres-délégués du sne élus pour la période 2016-2019.
Conformément aux statuts et aux dispositions du règlement d'ordre intérieur, le syndicat procédera prochainement au renouvellement de l'Assemblée des Délégués. Compte tenu des dispositions des articles 11 et 12 des statuts, 100 postes sont à pourvoir au total.

Extraits des statuts du sne/cgfp

Les organes du syndicat

Art. 9.
Le syndicat comprend les organes suivants:
1. L'assemblée des délégués;
2. Le comité central;
3. Le bureau exécutif;
4. Le comité de surveillance;
5. La commission de révision.

L'assemblée des délégués

Art. 10.
L'assemblée des délégués, désignée dans la suite par «assemblée», est l'organe représentatif de tous les membres du syndicat. Elle se compose de membres-délégués et de membres cooptés.
Chaque membre peut être élu membre-délégué ou désigné membre coopté.
–
Art. 11.
Les délégués sont élus par les membres à la majorité relative des voix et suivant des circonscriptions déterminées. Le nombre maximum des délégués par circonscription est égal au quotient, arrondi à l'unité la plus proche, résultant de la division du nombre total des membres y résidant par quarante.

Afin d'assurer la continuité dans l'action, les membres de l'assemblée des délégués sortants qui assument une charge au sein du comité central sortant en vertu des présents statuts et du règlement interne peuvent être désignés d'office membres de la nouvelle assemblée; en font également partie d'office, les représentants du sne aux différents organes consultatifs institutionnalisés. Le nombre des délégués restant à élire dans les circonscriptions respectives est à réduire en conséquence.

Les délégués sont élus pour une durée de quatre ans.
En cas de vacance, le membre sortant est remplacé par le candidat de sa circonscription non élu qui a obtenu le plus de voix lors des dernières élections. A défaut de candidat, ou si le nombre des délégués d'une circonscription est inférieur à deux tiers du nombre réglementaire, l'assemblée peut coopter des membres résidant dans la circonscription afférente.

Un règlement d'ordre intérieur fixe les détails concernant la procédure pour l'élection des délégués et la délimitation des circonscriptions.
–
Art. 12.
Peuvent être cooptés, par dépassement des effectifs, sur proposition du comité central et après ratification par l'assemblée au maximum six membres afin d'assurer une représentation aux différents groupes professionnels, ainsi que, le cas échéant, des membres qui représentent le sne dans des organes consultatifs.

En outre, le comité central peut inviter des membres extraordinaires dans les séances de l'assemblée avec voix consultative.
–
Art. 13.
L'assemblée discute les questions importantes du syndicat.
Une délibération de l'assemblée est nécessaire pour les objets suivants:
a) la modification des statuts;
b) l'exclusion d'un membre ainsi que la révocation d'un membre d'un des organes du syndicat;
c) l'approbation des budgets et des comptes;
d) la dissolution du syndicat.

Art. 14.
Le comité central convoque l'assemblée au moins quatre fois par an.
L'ordre du jour, le lieu et la date sont communiqués au moins cinq jours avant la date fixée pour l'assemblée. Sur demande écrite et motivée d'au moins un tiers des membres de l'assemblée, le comité central est tenu d'inscrire un objet déterminé à l'ordre du jour de l'assemblée ou de convoquer une session extraordinaire dans le délai d'un mois.

Art. 15.
Pour pouvoir délibérer valablement, la majorité absolue des membres de l'assemblée doit être présente; une seconde réunion sur le même ordre du jour peut valablement délibérer quel que soit le nombre des membres présents.
–
Art. 16.
Le vote est oral. En cas de question de personne ou chaque fois que le tiers des membres présents en fera la demande, il sera procédé au vote secret.
Les décisions sont prises à la majorité absolue des voix.
–
Art . 17.
Tout avis destiné à être soumis à une autorité supérieure et portant sur une question importante, renfermera – s'il y a divergence d'opinions – les points de vue des différents groupes de membres.
Un vote sera nécessaire toutefois pour mettre en évidence le point de vue de la majorité.
–
Art. 18.
Les délégués d'une circonscription, de même que les délégués d'un groupe professionnel de membres peuvent se constituer en groupe régional, ou en groupe spécial pour l'étude de certaines questions.
A cette fin, ils peuvent s'adjoindre des membres du syndicat.
–
Pour poser sa candidature à un poste de membre-délégué – ceci vaut aussi pour les délégués actuels qui désirent renouveler leur candidature – il suffit de renvoyer le talon (ci-contre) dûment rempli avant le 20 novembre prochain.

Élection des membres-délégués

Les modalités d'élection des membres-délégués sont arrêtées comme suit:

- le renouvellement de l'Assemblée des Délégués se fait tous les 4 ans au cours du mois de novembre;
- les candidatures écrites sont reçues par le secrétaire général au siège su sne avant le 20 novembre;
- les élections se font par correspondance suivant des circonscriptions délimitées;
- pour pouvoir voter ou pour être reçu candidat, il faut que l'intéressé ait réglé sa cotisation pour l'année en cours;
- s'il y a plus de candidats que de mandats, pour chaque circonscription, le matériel de vote sera transmis aux membres avant le 1er décembre ;
- les bulletins de vote doivent être remis avant le 15 décembre.

